

# WANDROUS

N° 359 Fréileng / Bléiemount / Broochmount 2016  
Abrëll / Mee / Juni 2016



Kënnt 5 mol pro Joër eraus  
Abonnement 25,00 Euro  
CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000  
Chefredakter: Patrick Jénin (Fennec)  
Verantwortlech vir Drock an Verschécken: LBB  
E-Mail: [wandrous@lionsbleus.lu](mailto:wandrous@lionsbleus.lu)  
Tel: 49 50 51



Lies d'Wandrous da bass du ëmmer up to date!!!

# Wandrous Publicitéit

Wandrous Publicitéit



## Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?\*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!

Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!



Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!



Paulinstrasse 25




D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS  
kaafen beim  
VIKING-ADVENTURES!

\* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!  
an zum Schluss vum Joér kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



[www.viking-adventures.de](http://www.viking-adventures.de)

# Les amis des Lions Bleus

## Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwver deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiando wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiando eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeér gaang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do worn di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach émmer Cheffen do, di sech ém Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home énnerhal, gebotzt, vergreissert gin ass an nach émmer gebotzt an énnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joér vun Brownsea aus an di ganz Welt erausbaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



### Dann zéck nüt an gëff elo direkt Member vun den “AMIS DES LIONS BLEUS”

# ? VIRWAT ?

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer allegueren mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'Amis des Lions Bleus sin Leit di nüt wëllen, nüt kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëlfen: duerch en regelméisseggen Don.

D'Capital waat esou am Laaf vum Joér zesummen kënnnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joér op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir énnerstez och DU ons, wann ech gelift,  
mat engem “ordre permanent”\*  
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros\*\* pro Mount  
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000  
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

\* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech fréen mir ons iwvert en émolegen oder regelméisseggen Don!

\*\* Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprétz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.




Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach émmer mat Fréd dobäi!

**Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!**

# Beaver Ouschtercamp

Beaver Ouschtercamp



WEINI?: 8.Abrëll 2016 bis den 10.Abrëll 2016

WOU?: Am Chalêt Hirsch um Colmar Bierg

Rendez-vous: den 8.Abrëll 2016 um 13:30 op der Gare Centrale de Luxembourg

Retour: den 10.Abrëll 2016 um 14:00 op der Gare Centrale de Luxembourg

Praiss: 35€ bis den 26. März 2016 ze iwwerweisen op de Compte

LU87 1111 2571 8942 0000 mat der Mentioun : Ouschtercamp 2016 "Numm vum Kand"

Souche: ass bis den 19.März 2016 bei denge Cheffen oofzeginn

Waat brauchs du nach?: Schloofsaack, Täscheluucht, Bidon, dem Wieder ugepasste Kleeder, Bierschong, Zännbiischt, Gamelle, Couverts, Ennerwesch, Pyjama, Kichendicher, Ersatzkleeder, Schwammbbox/Maillot, eventuell Jumbo-Kaart

-Tic-Tac, Spitzki, Grigri, Elsa, Foxy, Jolly-

Heimatt erlaaben ech

méngem



Kand ..... um Ouschtercamp

vum 8.Abrëll bis den 10.Abrëll 2016 deelzehuelen

Ennerschreft: .....



# Hexenweekend

fir d'Wöllefcher (LX)



Moien leif Zauberlehrlingen,

Dir sidd herzlech invitéiert op dat grousst Treffen vun den Hexen ze kommen! Et ass nähmlech eppes schreckleches geschitt an mir brauchen souvill Zauberkrafft wei nemme méiglech! Also huelt är Biesen aus dem Schaaf an macht Lech prëtt fir en Weekend bei den Hexen vum 9ten bis den 10ten Abrëll.

Bis geschwënn,

Hexencomitée



Rendez-Vous: Samstes, den 09.04.16 um 09:00 op der Gare de Luxembourg  
Retour: den 10.04.16 um 16:00 beim Home St. Christophe Beggen,  
224, rue des 7 Arpents L-1149 Luxembourg

Präiss: 30 Euro sinn bis den 19.03.2016 op de Compte Les Lions Bleus Asbl Meute  
CCPL LU64 1111 2581 2205 0000 ze iwerweisen mat der Mentioun:  
Hexenweekend 2016 + Numm vum Kand

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 19.03.2016!!!

Wat's du brauchs: **klenge Rucksack**, Bierschong, dem Wieder ugepasste Kleeder fir dobaussen,  
5 Saache vum Wöllefchen, Schloofsack, Wäschsaachen, Täscheluucht, Gamelle an Kichenduch.

Heimat erlaaben ech .....

méngem Kand .....


vum 09. - 10.04.2016 op den Hexenweekend matzegoen.

Ënnerschrëft.....



# Ouschtercamp

Explorer



## Explorer-Ouschtercamp 2016: Eggsplor

D'Unitéit Aquila vun den Mamer Wiselen hun en Ouschtercamp organiséiert.

Wëlls du op en coolen Camp mat dengen Scoutskollegen, dann sierf dabei an  
mell dech un!

**Wéini:** Vum **02/04/2016 – 05/04/2016**

**Wou:** Um Misärshaff

**Preis:** **70€** ze iwwerweisen bis den **20ten Mäerz** op folgenden Compte vun

CCPL IBAN LU49 1111 2324 7361 0000

(Les Lions Bleus a.s.b.l. - Explorer)

**Mentioun:** Numm+Viernumm+Eggsplor2016

**Réischt wann d'Suen iwerwisen sin, ass äer Umeldung definitiv!**

**RV:** **02/04/2016 um 10h00 um Misärshaff**

**Schluss:** **05/04/2016 um 16h10 um Parking Glaçis an der Staat Lëtzebuerg**

>-----<

Heimat mellen ech \_\_\_\_\_, den

\_\_\_\_\_ un,

fier um Ouschtercamp: Eggsplor 2016 um Misärshaff vum

02/04/2016 – 05/04/2016 deelzehuelen.

# SIWE + EXPLO

fir d'Wöllefcher (LX)

SIWE fir Sixer den 16.4.2016 um 14.00

Explo fir all d'Wöllef den 17.4.2016 um 9.30

Op der Sich nom Kachkéis - Eng Zaitrées mam



Fir d'Sixer ass et een WeekEnd, et geet den 16.4.2016

um 14.00 lass beim Fraihéetsbaam zu Strossen.



Wann de Sixer net kann matgoen, dann dierf den Second matkommen.

Sonndes ass dann Explo fir all d'Wöllef. Et geet um 9.30 lass um Glacis an um 16.30 ass Schluss um Glacis.

Mir machen eng Schnitzeljuegd, een Nuetsspill, an Sonndes get et e grousst Fest wou d'Wöllef nei Saachen an nei Frenn kenneléieren.

Alles huet mam Superjhemp ze dinn.

Vill Spass, an melld dech séier un.

De Prais ass 20€ fir den Siwe an 8€ fir den Explo, d'Wöllef déi Sonndes nokommen op den Explo mussen hieren Picnic matbrengen. D'Wöllef vergiessen natirlech net hier 5 Sachen, tiptop Uniforme an dem Wieder ugepassten Gezeih.

D'Sixer brengen Carry-mat, Schlofsack, Gamelle, Couverts an Zennbiicht mat  
Mir hun 2 Sixer, déi iwerweisen 20€ op den CCPL Lu64 1111 2581 2205 0000 vun der Meute,  
déi aner Wöllef iwerweisen 8€ fir Sonndes

d'LX-Equipe

Souche fir den SiWe den 16. - 17.4.2016

D'Meute vun de/den ..... geet mat  
op den SiWe.

Heimat melden ech ..... mein Sixer / Wöllefchen

..... um SixerWeekend / Explo un

Den CM .....

Vill Spaass, an melld iech séier un, bis den 20.2.2016

# Raid an Raid+

Explorer,Rover



RAID oder RAID +

22.-24.04.2016



Dëst Joer ass déi éischt Editioun vum Raid +.

De Raid u sech geet Freides den 22.04 lass an dauert bis Samstes den 23.04 nom Kaffi, an hei kennt lo de „+“, déi Unitéiten oder Explorer déi wëllen, (an mir hoffen et sinn der Vill) kennen dësen Week-end ausbauen bis Sonndes den 24.04 nom Kaffi.

All Unitéit kritt an der Woch virum Depart d'Koordinaten an Auerzäit fir den Start per SMS, déi éischt Ekipp geet géint 18:00 lass. Um Depart kritt dir nach eng Stäerkung, dass der de Wee dono packt. (Gamelle net vergiessen)

Den Trajet gëtt mat ganz üblechen an manner übleche Scout Techniken gezeechent.  
Onbedéngt muss dir un är topographesch Kaarten R2 an R4 denken.

Geschlof gëtt ennert engem Iwerdaag, äre Schlofsak an d Carry-Matte net vergiessen.

Während dem „+“ wäerte mer eng relax Zäit mateneen verbréngen an och e bëssen Arbeschten em an am Chalet maachen wou mer sinn. Vergiesst also net e puer Schaffhännchen mat anzepacken.

All Unitéit muss sech selwer ëm séin Retour këmmeren. Den öffentlechen Transport ass an eisen Aen déi beschte Léisung dofir.

Umellen musst dir Iech bis den 15.04.2016 op [explorer@fnel.lu](mailto:explorer@fnel.lu)

De Präis ass 12 € wann der bis Samstes nom Kaffi bleift. Wëllt der awer de „+“ mat erliewen, also bis Sonndes nom Kaffi bleiwen sinn d'Käschten 20€. Des Suen sin op den Compte vun den lionsbleus „les lionsbleus a.s.b.l Explorer“ zeiwerweisen mat der motion Raid oder Raid+ an den Numm vum Explorer

Är Explorer Resposablen



Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche

Ech ..... gin matt op den „Raid“ oder „Raid+“ vum 22ten-24ten  
Abrëll 2016

.....  
Ennerschrëft

# FNEL Rover Hunt'it

RO Hunt'it


## HUNT-IT 30/04/16

Joer 2016, d'Bommeleeër-Affär get nei opgewullt...nei Indizien duerch d'Land verstreet...ass äere Rover-Clan prett fir d'Mystérium ze léisen???

12 Stonnen hu dir Zäit, wann d'Glacken 12t Stonn schloen bis an d'Nuecht pünktlech um 0:00.  
Duerno kann den Täter nemti opgedeckt gin!

KLOERTEXT: Startschoß 30/04/16 12:00  
PAF 9,99€ + 0,01€ frais de dossier  
Umelldung zesummen am Clan via [huntit@fnel.lu](mailto:huntit@fnel.lu)  
bis 10/04/16

All weider Infos no Umelldung!



**fnel** scouts & guides

## Cotisatioun 2016

Cotisation 2016

E Kalenner-Scoutsjoér ass eriwer an daat nächst Kalenner-Scoutsjoér fängt un. Wéi all Joér ass d'Cotisatioun fir all d'Memberen vun den Lions Bleus fälleg. Dëst Joér sinn **25,00** Euros op den Compte **CCPL LU82 1111 0498 5493 0000 vun den Lions Bleus** ze iwverweisen.

Fir dës **25,00** Euros kriss du:

- d'Recht un den Aktivitéiten vun den Lions Bleus deelzehuelen
- d'WANDROUS heemgeschéckt an daat 5 Mol während dem Scoutsjoér
- eng Assurance déi aspréngt wanns de en Akzident bei den Scouten huës

Fir ze verhënneren dat mer mussen vill deier Plaaz an der WANDROUS mat Rappel'en versauen, den Dierwiechter bei déi verschidden Leit schécken déi nüt oder ze spéit iwverweisen, oder soss opwenneg juristësch Schrëtter énnerhuelen :), ass all Member gebieden séng Cotisatioun ze iwverweisen soubal wéi d'Memberskaart ukomm ass.

Well mir jo Scouten sinn, vertrauen mir Dir an schécken Dir als Zeechen vun guddem Wëllen d'Memberskaart fir d'Joér 2016 zou, ier dat bezuelt ass.

Dofir ass ét elo un Dir fir ze iwverweisen, oder dofir ze suergen dat déng Memberskaart esou séier wéi méiglech bezuelt gët.  
Den Finanzminister ass Dir op all Éiwegkeet dankbar.



De Finanzminister  
(alias Eyra farceur)

# Paischtcamp 2016

LX,SG,EX,RO



Are you ready for the Games?

Vir op d'international Meeschterschaft vun de Scoutsverainer, siche mir de sportlechsten, schlausten, schnellsten, gréissten, klengsten an motivéiertsten Rover/Scout/Wellefchen/Explorer deen mir hun! Et ass awer net esou, dass daat heiten elo eng Auswiel soll gin, mee éischter eng Virbereedung! Bass du prett vir d'International Scout Games (ISG) oder fills du dech fitt an wëlls du probéieren dobai ze sin? Ma dann mell dech séier bei dengen Cheffen un!



**Départ:**

**Scouten/Explorer:** Samsdes, den 14. Mee 2016 um 9.00 Auer beim Home LBB zu Bouneweg mat dengem Velo an engem Helm deen dir passt! Natirlech darf deng Scouts-Sports-Uniform net feelen!

**Wellef:** Samsdes, den 14. Mee 2016 um 14.00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg mat denger Scouts-Sports-Uniform!

**Retour:**

Denschdes, den 17. Mee 2016 um 16h00 op der Gare Centrale du Luxembourg.

**Präiss:**

50 € sin ze iwwerweisen bis spéitstens den 9. Mee 2016 op de Compte: Les Lions Bleus-Rover ([CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000](#)) mat der Mentioun "PC16+Numm vum Kand".

**Material:**

Schloofsaack, Carrymatt, Täscheluucht, Gamelle, 2 Kichendicher, Bierschong, Wäschsaachen, Pijama, Täschemesser, dem Wieder ugepasste Kleeder, JumboKaart/2 Rouden Ticket, Schwammsaachen, dem Wellefchen Seng 5 Saachen, ...

**Souche:**

ass bis den 30. Abrëll 2016 oofzeginn



Heimat erlaaben ech \_\_\_\_\_ mengem Wellef/Scout/Explorer dem \_\_\_\_\_ um Pengshtcamp 2016

vum 14. bis den 17. Mee 2016 deelzehuelen  
An iwwerweisen den Montant am Délai.



Ënnerschrëft \_\_\_\_\_



# Weekend Beaver

BV-Souche

Moien dir leif Beaver !

Ech sinn den Mickey an ech muss iec  
leider matdeelen dass d'Faarwen aus de  
Disneywelt verschwonn sinn!  
Dir musst eis hellefen an vill Aktiviteite  
an Challenges oofzeschleissen fi  
d'Disneywelt rëm an sengem aalen Glan:  
erstrahlen ze loossen.

Mir, Figuren aus der Disneywelt warden op  
iech fir eng flott Zäit mateneen ze  
verbrëngen.

Mickey Mouse



WEINI?: 21. Mee 2016 bis den 22. Mee 2016

WOU?: Home LBB

Rendez-vous:

den 21. Mee 2016 um 14:00 beim Home LBB an enger DisneyVerkleedung.

Retour:

den 22. Mee um 15:00 beim Home LBB

Prais: 25 € bis den 7. Mee 2016 ze iwwerweisen op de Compte

**Les Lions Bleus Asbl-Beaver > CCPL LU87 1111 2571 8942 0000**  
mat der Mentioun : Pengschtweekend 2016 ' Numm vum Kand '



Souche: ass bis den 7. Mee 2016 oofzegginn.

Wat brauchs du nach? Schloofsaack, Täscheluut, Bidon, dem Wieder  
ugepasste Kleeder, Bierschong, Zännbiischt, Gamelle, Couverts,  
Ennerwäsch, Pyjama, Kichendicher, Ersatzkleeder.....

**Beaverklack**

Tic-Tac, Gri-Gri, Spitzki



Heimatt erlaben ech .....  
mengem Beaver.....  
um Pengschtweekend vum 21.-22.Mee 2016  
deelzehuelen.

Ennerschrëft:.....

# SORTIE

fir d'Wöllefcher(LX)

Huest du Loscht e flotten Daag an der Natur ze verbrèngen ?

**EMOL ganz AANESCHTERS, huhuuuuuuu .....**

**Wèi geet daat dann ???**

**Ma ganz einfach --- komm mat eis op the SORTIE !!!**

**Mir besichen d`Fest vun der Natur, wou ét iwver 60 verschidden Stänn ginn  
dèi mir eis ukucken wärten.**

**Dir krit do Saachen iwvert eis Emwelt gezielt  
& kënnt och selwer matmaachen :)**

Wéini:

19.06.2016

Rendez-Vous: Sonndes, den 19.06.16 um 10:00 op der Kockelscheuer

Retour: Sonndes, den 19.06.16 um 15:00 op der Kockelscheuer

Präiss: GRATIS

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 30.05.2016 !!!

Wat's du brauchs: Déck Schong, dem Wieder ugepasste Kleeder, däin Foulard, 5 Saachen vum Wöllefchen, Waasser(1l) fir ze drénken, Pic-nic ...



**Heimat erlaaben ech .....**

**méngem Kand.....  
den 19.06.2016 op d`Sortie matzegoen.**

**Ënnerschrëft .....**



# Souche Faakelzuch Souche Faakelzuch



# FAAKEL-ZUCH 2016

Wéi all Joér's sinn mir um Fiirowend vum Nationaldeierdag um Faakelzuch vertrueden.

Mit treffen ons Mëindes, den 22.Juni  
21:00 Auer  
bei der Metzlerei Kaiffer op 77,Grand Rue  
L-1661 Lëtzebuerg



Waat brauch de Beaver, de Wöllefchen, de Scout, d'Guide, den Explorer, de Rover,  
d'Amicale an natiirlech nêt ze vergiessen eis léif Comitésmemberen??

**RICHTEG ! eng TIP TOP Uniform, also:**  
**donkelblo Box**  
**mat Uniformshiem, Foulard**  
**Lions Bleus - Sweatshirt an eng LBB-KAAP**

**OPGEPASST:** Daat ganzt huët och en Enn !  
An deen fënnt sëch erëm bei der Metzlerei Kaiffer um 23:00 Auer

D'Souche ass bis spéitstens den 11/06/2016 bei dëngem Chef oofzeginn !!!

Wéi all Joér's sinn d'Lions Bleus och mat hierem Grillstand do vertrueden !!!

Jo ech.....

ginn och dëst Joér 2016 mat op de Faakelzuch.  
an ech sinn mat Zäiten an tiptoper Uniform um Rendez-vous



ElterenEnnerschrëft

# Grillen an der Groussgaass

Flyer

•••••••••  
**22th June 2016**  
**National Day's Eve**  
••••••••••

**Mettwirscht**

op echtem  
**Holzgril**

&

**Boucherie**  
**@Kaiffer**

**Lions-Linger**

**ab 18.00**

**bei der Metzlerei Kaiffer**

77, Grand Rue L-1661 Letzebuerg

**an der Groussgaass**

TRADITIONELLT LÉIWEFEST  
AM THEMA



SAVE THE  
DATE!!


2. JULI 2016  
AM CAMP VUN DEN BLOEN LÉIWEN

RESERVATIOUNEN AN MENU AN DER NÄCHSTER  
WANDROUS..

# Pow-Wow 2016

Ganze Groupe

De groussen Vikingerhaeuptling inviteert op eng grouss Versammlung vun all de Wikingerstaemm aus der Geigend. Io, och mir, de Stamm vun de bloen Leiwen maachen sech am Juli op de Wee vir deser Versammlung beizewunnen. Also schlaift aer Aaxten, botzt aere Kelch mat Met, huelt aer Rudderan raus an botzt aeren Haarenhelm. Well mir fueren mam Scheff! Melit ierch seier un soss musst dir rudderan!



**Départ:**

Sonndes, den 10. Juli 2016 um 8.30 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg

**Retour:**

Sonndes, den 10. Juli 2016 um 17.00 Auer op der Gare Centrale du Luxembourg.

**Präiss:**


12 Euro sin ze iwwerweisen bis spéitstens den 20. Juni 2016 op de Compte: Les Lions Bleus-Rover ([CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000](#)) mat der Mentioun "PowWow16+Numm vum Kand". No desem Délai muss een 15 Euro bezuelen...

**Material:**

Tip-Top Uniform, Bierschong, en klengen Rucksack mat Gamelle, Kichenduch, Bidon, Sonnecreme, K-Way, Kaap, 1 Rouden Ticket/Jumbokaart, ...

**Souche:**

ass bis den 18. Juni 2016 oofzeginn bei dengen Cheffen..



Heimat erlaaben ech \_\_\_\_\_ mengem Beaver/Wöllef/Scout/Explorer dem um Pow-Wow 2016 den 10. Juli 2016

deelzehuelen an iwwerweisen den Montant am Délai.

Ech well de Veggie Menü: IO / NEE (wgl emkreesen)



Ënnerschrëft \_\_\_\_\_


# Batavia-News

## Summercamp 2016

D'Umeldungen sin zou an eis Equipe vir op **BATAVIA** steet...  
D'Preparatiounen laafen op Héichtueren an déi éischt  
Expeditiounsequipe vir déi richteg Plaatz vir vir eis Siedlung ze fannen  
ass schon ennerwee.

Am März hu mir och Suen gesammelt op der Baackaktiouen vir de  
Campbudget opzestocken.

Mir si prett vir op de Camp! **Bass du et och?**



De Camp dauert vum **23. Juli bis den 6. August 2016**.

### Weini ?

**350 Euro** kascht de Camp!

- **1. Acompte** (non remboursable) vun **100 Euro** (Délai: **20/1/2016**)
  - **2. Acompte** vun **150 Euro** (Délai: **20/4/2016**)
  - **3. Acompte** vun **100 Euro** (Délai: **20/6/2016**)
- sin ze iwwerweisen op de Compte Les Lions Bleus Rover (CCPL LU22 1111 7017 2426 0000) mat der Mentioun "Batavia16\_NummVumParticipant\_Acompte"X"

### Camp T-Shirt?

Mat deser Souche en Annexe kanns du dain T-Shirt reservéieren.  
Een T-Shirt ass inklusive am Budget mat dran. En Zweeten kanns  
du vir 15 Euro mat dobai huelen. Fëllt dës Souche aus vir ierch ären  
T-Shirt ze reservéieren!

### BATAVIA- Elterenversammlung

Eng Elterenversammlung wärt zesummen mat den aaneren Gruppen oofgehaalen gin... Sie ass obligatoresch vir all Elteren vun den Participant'en änner 18 an vir all Participant iwver 18! Do gin all néideg Detailer gezielt déi nach wichteg sin vir matzegoen.

Hei gin och d'Apaacklëschten, d'Fiche Medicale an den Dossier de Camp verdeelt.

Wéini? Samsdes, den 7. Mee 2016 um 17.00 Auer  
Wou? Zu Schuller am Home vun den Dippecher Dachsen (19, rue des Ecoles L-4994 Schouweiler)



Ech..... hun vir de Camp T-Shirt d'Gréisst

XS /  S /  M /  L /  XL /  XXL (alles Unisex)

an huelen nach ..... T-Shirt vir de Praiss vun 15 Euro déi ech virum  
Camp iwwerweisen.

Ennerschrëft: .....



# Programm Beaver

BV - Programm

## Abrëll

02.	keng Versammlung (O-Vakanz)	
08.-10.	OUSCHTERCAMP	
16.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
23.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
30.	BeaverVersammlung	14:00-16:00



## Mee

07.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
14.	keng Versammlung	
21.-22.	PËNGSCHTWEEKEND	
28.	FNEL Beaver FunDay	

## Juni

04.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
11.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
18.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
25.	BeaverVersammlung	14:00-16:00

## Juli

02.	LÉIWEN-FEST
09.	keng Versammlung
10.	POW-WOW



## Beaverklack


Tic-Tac,GriGri,Foxy,Elsa,Joly,Spitzky

# Programm Wöllef

LX - Programm

## MÄRZ

05.	SORTIE	
12.	Versammlung	14:00-16:00
19.	Versammlung	14:00-16:00
26.	keng Versammlung (Vakanz)	



## ABRËLL

09.-10.	OUSCHTER-WEEKEND	
16.-17.	FNEL Sixer-Weekend	
17.	FNEL Explo	
23.	Versammlung	14:00-16:00
30.	Versammlung	14:00-16:00

## MEE

07.	Versammlung	14:00-16:00
14.-17.	PAISCHTCAMP	
28.	Versammlung	14:00-16:00

## JUNI

04.	Versammlung	14:00-16:00
11.	Versammlung	14:00-16:00
18.	keng Versammlung	
19.	LX Sortie op Fest vun der Natur (Sonndes !!!)	
22.	FAAKELZUCH & LB Grillstand	
25.	Versammlung	14:00-16:00



## Lènks Patt

Fennec, Bagheera, Kaa, Raschka, Tschill

# Programm Scouten SG - Programm



## ABRËLL

- |         |                                       |             |
|---------|---------------------------------------|-------------|
| 02.+09. | keng Versammlung (Ouschtervakanz)     |             |
| 16.     | Truppenversammlung                    | 14:00-16:00 |
| 16.-17. | > FNEL CP/SP Weekend (just fir CP/SP) |             |
| 23.     | Patrullenversammlung                  | 14:00-16:00 |
| 30.     | Truppenversammlung                    | 14:00-16:00 |

## MEE

- |         |                                   |             |
|---------|-----------------------------------|-------------|
| 07.     | Truppenversammlung                | 14:00-16:00 |
| 14.-17. | PËNGSCHTCAMP                      |             |
| 21.     | keng Versammlung (Pëngschtvakanz) |             |
| 28.     | Patrullenversammlung              | 14:00-16:00 |

## JUNI

- |     |   |             |
|-----|---|-------------|
| 04. | Truppenversammlung                            | 14:00-16:00 |
| 11. | Truppenversammlung                            | 14:00-16:00 |
| 18. | Patrullenversammlung                          | 14:00-16:00 |
| 22. | FAACKELZUCH<br>& LBB Grillstand vun 18Auer un |             |
| 25. | Truppenversammlung                            | 14:00-16:00 |

## JULI

- |     |                                 |  |
|-----|---------------------------------|--|
| 02. | LÈIWEN-FEST                     |  |
| 10. | POW-WOW bei den Grèngen Scouten |  |



**Lenks Patt**

Soa & Sam & Tamia

# Programm Explorer

## EX-Programm

**OUSCHTERCAMP > 31.03.-03.04.2016**

### Abr  l

09.04.16  
16.04.16  
22.-24.04.16  
30.04.16

keng Versammlung(Ouschtervakanz)  
Explorerversammlung  
FNEL RAID  
Uniteitsversammlung

14-16 Auer  
14-16 Auer

am Home LBB  
am Home LBB

### Mee

07.05.16  
14.-17.05.16  
21.05.16  
28.05.16

Explorerversammlung  
PAISCHTCAMP  
keng Versammlung(Paischtvakanz)  
Uniteitsversammlung

14-16 Auer  
14-16 Auer

am Home LBB  
am Home LBB

### Juni

04.06.16  
11.06.16  
18.06.16  
22.06.16  
25.06.16

Explorerversammlung  
Explorerversammlung  
Explorerversammlung  
FAACKELZUCH  
Uniteitsversammlung


14-16 Auer  
14-16 Auer  
14-16 Auer  
14-16 Auer

am Home LBB  
am Home LBB  
am Home LBB  
am Home LBB

### Juli

02.07.16  
09.07.16  
10.07.16  
23.07-06.08

L  IWENFEST  
keng Versammlung  
POW-WOW  
BATAVIA - Summercamp an Holland



**EXPLORER**



Fir d'Unit  it: Tameng/Grizzly/2ric/1ric

# Programm Rover

## RO-Programm

**30.04.2016** FNEL Rover Hunt'it  
**14.-17.05.2016** P  ngschtcamp  
**02.07.2016** FNEL Rover Volleyball bei den WS  
**10.07.2016** FNEL Pow-Wow

# Rapport Sportsdaag

EXPLORER

Ech hunn mech Sonndes moies mat deen aneren beim Home getraff. Nodeems alles agepak war sinn mer zu dräi Gruppen( well e puer leit vun eis, vun der Hoga an vun den Loups Blancs den Samsten een eischthëlléf Cours haten an dunn do och geschlof hunn) an e puer Autoen op Mondorf bei den Centre Sportifs Roll Delles gefuer. Well do sollt den des joreschen Sportsdag stattfannen. Um ongeféier 10:00 waren mer zu Mondorf ukomm. Dunn hunn mer alles ausgelueden an sinn eis an d' Vestiairen émdoen gaangen. E puer Minutten op 10:00 haten mer eis mat all deenen aneren am Sportsall versammelt an hunn ugefangen opzewiermen andeems mer e puer mol duerch een Parcours gelaf sinn. Duerno sinn dunn déi éischt Matcher op dräi verschiddenen Spillfelder lass gaangen. Op engem Plakat dat ennen bei der Tribün opgehaangen war konnt een émmer kucken wéini een deen nächsten Match hat. Mee och wann een grad keen Match hat konnt een an engem Sall niewendrun géint een aneren Déschttennis spiller oder bei engem Mixturneier deelhuelen an, an engem Team aus gemëschten Scoutsgruppen géint een anert spiller. Mir konnten all eis Matcher vir eis entscheeden bis mer um Schluss an der Final sollten Félkerball géint lechternacher Quarschleken spiller an dunn knapps verluer hunn. Mee um Schluss war et eigentlech mol net sou schlecht op der zweet Plaatz ze stoen, well nämlech d' lechternacher Quaichleken gesot kruten dass se deen nächsten Sportsdag misstén organiséieren. Géint ongeféier 17:00 sinn mer dunn mat enger stolzer zweeterPlaatz heem gaangen.

Charel Simonis



# Rapport Explorat

# Rapport Scouten

## FNEL Explorat 30-31 Januar 2016

### 1ten Daag

De Samschdeg um 10 Auer hunn mir eis zu Wecker getraff an do krute mir eng Kaart fir den Trajet ze trëppelen, wou mir dunn wollten den éichten Message sichen, hunn mir deen net fonnt. No enger Zäit hunn mir deen dunn awer glécklecherweis fonnt. An vun do aus si mir dann ob Biwer getrëppelt. Wou mir do ukomm si war ee Posten bei deem mir misste Fues-Spiller spillen. Nodeems sin mir fun do aus weider ob Berbuerg getrëppelt. Nodeems mir dunn zu Berbuerg waren hunn mir de Message net fonnt well dee fort geflunn war. Wou mir dunn de Message fonnt hunn an eis Kaart wollten huelen ass déi an 2 Deeler gefall dunn ware mir ebessi domm drun. Spéider hunn mir den Noutsbréif obgemaach, hunn de Steven ugeruff an da soot hien mir sollten d'Noutfallkaart huelen an ob Hierber trëppelen. Dunn hunn mir énnerwee Lidder gesonge mir ware voll motivéiert de Bierg zu Berbuerg erop ze trëppelen. Wou mir dunn bal do waren hunn Cheffen eis oofgefaangen an hunn eis zeréck ob Berbuerg gefouert. No ongefíer enger 30 Minutte wou mir dann zu Berbuerg ob dem Posten ware sinn sie eis siche an all déi aner Patrullen a Gruppen déi do waren sichen komm an zesummen si mir ob Hierber komm. Wou mir do ware misste mir all eis naass Saachen of ginn an eis installiéiere goen a Karoe déi um Buedem gezeechent waaren, wou émmer 3 Patrulle sollten dran schlofe mee an eisem Karo war net genuch Plaatz an dunn goufe mir an een anere geluecht. Owes hunn mir dann eppes giess an nom iesse misste mir eis verkleede goen. Mir waren als Prinzessinne an Prénzen verkleed. Owes hunn mir nach eng flott Veillée mat Fuesspiller gehaat dei flott waar, nodeems gouf et Zait eis Zänn ze wäschchen a schlofe ze goen.

Danie

### 2ten Daag

Mir sinn Moies um 8:00 opgestanen an hunn eis Saachen rëm an den Rucksak gepak. Nodeems dann jiddereen seng Schong an Jackett rëmfonnt huet an ungedohen huet, sinn mir dann an Groupen mat engem Bus op Iechternach gefuer. Als éischt bei den Pompjeesbau, well mir eis Rucksak do gelooss hunn an dann hunn mir eis op den Wee gemaach vir an den Schoulhaff vum Iechternacher Lycée. Do kruten mir dann als Moiesiessen Schoklasrullen an en Croissant. Dono hunn mir en Spill gespillt wou en dräi Mister X'en fannen misst, vir en Hinweis wei en vun deenen kéint ausgesinn ze kréieren, hunn mir verschidden Posten gemaach, déi duerch Iechternach verdeelt waren. Sou géint 13:00 gouf et dann Gegrilltes als Mëtteeiessen an dann ass d'Staatsspill rëm weider gaangen. Wou et dann lues an lues Zäit gouf vir heem ze goen, hunn mir nach eng kéier all zesummen en groussen Carré gemaach an hunn Spill opgeléist. déi dräi Mister X'en goufen fonnt. Dono sinn mir dann rëm Groupe vir Groupe zeréck bei den Pompjeesbau gaangen vir eisen Rucksak ze huelen an hunn do den Bus geholl den vir um 17:00 rëm zeréck op der Gare vun Luxembourg ze sinn.

Ketty Majerus



# RAPPORT Techuana W

Groupe

**Freides** den 5ten hun mer eir wèi all Joërl um 18:30 Auer beim Home getraff. Do hun mer alles viibereed an zesummen gepaack fir den Camp. Mir hun eis opgedeelt, dèi eng hun fir den Owend gekacht, aanerer d'Remorque gelueden an den Recht ass d'Poubellen vum Tri beim Home eidelmaachen gaangen. Nodeems daat alles gemaach war, hun mer eis an Patrullen opgedeelt an een flotten Chargentableau gestallt. Dono ass eisen leckeren selwer préparèerten Nuddelsgratin giess ginn. Nom lessen ass nach fèx gespult ginn an nach dèi eng oder aaner Klengegkeet gemeet ginn an dunn ass ét och schon an d'Bett gaangen...

**Samstes**, ass ét frèi lass gaang, an zwar gèint 5Auer huet den Wecker geschellt an um 5:30Auer sollt jiddereen um Dill stoën an alles gepaack hun fir den Départ. Puer Dommheeten an eisen Kréppèng sinn nach verstaute ginn an dann ass ét och direkt an d'Autoen gaang an schon konnt ét lassgoën. Ënnerwee hun mir dann gèint 9Auer eng Kaffis&Pipi-Paus gemeet fir ze tanken, Kaffi ze drènken mat eisen Mëtschen an hun och Chauffören gewiesselt. Dono ass ét och direkt nees virun gaangen, bis eben Mëttesstonn um Programm stoung, esou um 13Auer wornen mir um Zellhof(A) (hei wornen mir 2008 um Camp fédéral) ukomm fir Mëttag ze maan beim CampplaatzSèi. No enger gudden Stärkung hun mir eis dann och nees op den Wee gemeet Richtung Techunana... Esou gèint 18Auer sinn mer dann och an Techuana ukomm an ét stoung een klengen Carré/Krees un, wou d'Aufgaben erklärt goufen fir dat mer gudd virun kommen an mir sollten eisen Elteren bescheed soën dat mer ukomm wieren. D'Aufgaben goufen schnell gemeeschert an eis Kacheckip hat schon paralell eng lecker Spaghetti Bolognese gekacht (Merci PIC fir dèng èmmer nees gudd Zoosss:) Nodeems mer eppes waarmes am Bauch haaten, sinn Chargen nach gemeet ginn an mir hun den Owend gemiddlech ausklèngen geloss. An irgendwann dun hun mer eis och an d'Penntuut verkroch.

**SAM'i**



**SONNTAG** ist Familientag' seet den Eisterräicher... dofir hun mer eis ét gudd goën gelooss an sinn ausnahmsweis um 8Auer opgestaanen. Nom 1sten Carré an dem Moieslessen goung ét dun och direkt lass mat den Chargen. Een Grupp huet Holz geschnidden/gerass & gestapelt (ét geet nie duer), een zweeten huet den Chalet gebotzt an deen drëtten Grupp huet dem Grizzly gehollef den Schlauch ze leen an eben fléissend Waasser ze beschaffen. Daat ganzt goung alles vill mèi schnell ewèi erwaart, ét loung zu dem Zäitpunkt och nach keen Schnèi ènnen an Techunana, jo mir haaten Chance mam Wieder (gèif den Chouch lo soën). Dien an säin Kichengesell wornen nämlech an der Kichen geschäftegt fir eis Mëttes mat gudden Kniddelen à la Ketty Thull mat enger frëscher Zaleetschen ze zervèieren. No deem liichten lessen hun mer eis all färdeg gemeet an sinn een Tierchen trëppelen gaang, an zwar bis erop op den 'Petelin', sou wèi een daat op engem 'Familiensonntag' möcht. Zeréck an Techuana ukomm sinn mer nach virun Sonnenënnergang an haaten een gemiddlech owend all zesummen beim Uewen. Als Oweslessen gouf ét een deftegen Hüttenschmaus, an dono gouf Kaarten gespilt an UNO-Tiermchen: An fir dèi Lèit wou daat interessiert: Mir sinn frèi an Bett gaangen fir den aaneren Daag fit ze sinn fir den èischten Daag um Bierg mat den Ski&Co.

PS Sorri fir d'Grammaire, mèng Generation haat keng ordentlech lëtzebuergesch Cour'en :)

**NËKKEL**

# RAPPORT Techuana W

Groupe



**Mèindes** Mir sinn moies um 7:00 opgestaanen an hun ons Skisaachen ugedoën, well haut war onsen èischten Daag op den Ski.Um 7:30 hun mer eis all an der Wiss virum Home getraff an am Plaatz vun engem Carré hun mer en Toblerone gemaach. Nodeems den Ooflaaf vum Daag besprach war an den Fändel eropgezunn wor, sinn mer all an den lessSall gaang an hun zu moiien giess. Nom lessen hun mer Ski an Skischong, Helmer...an d'Remoque gelueden. Dann hun mer nach Rucksäck mat eisen Saachen fir an d'Schwämm geholl an sinn mat zwee Autoen bis an d'Skigebitt ,Gerlitz' op den Parking gefuer. Um Parking ukomm hun mer alles schnell ausgeraumt an ugedoën an du nass ét endlech lass gaangen. Um 12:30 missten mer erém zerèck beim Auto um Parking sinn, fir zu Mëtteteg ze pic-nic'en. Dunn hun mer nees Ekippen gemeet an sinn nach emol bis +/- 16:00 gefuer. Nom ganzen Skigefuers sollten mer eigendlech an eng Schwämm an der Gèigend goën, mee well dës iwwerfëllt war, sinn mer no ongefèier enger hallewer Stonn Fahrt an eng aaner mèi oofgeleegen Schwämm gefuer. An der Schwämm waren dèi meescht an Sauna, mee well den Max&ech nët an Sauna ginn, waren mir schwammen. No der Schwämm hun mer gekuckt esou schnell ewèi mèiglech zerèck ze kommen fir dann endlech gèint 20:30Auer ze iessen. Dono goufen just nach Chargen gemaach an mir sinn pennen gaang.

**CHAREL S.**

**Dënschdes** Mir sinn allegueren zimlech gemitlech um 7h opgestaan, hun eis virbereet an um Punkt 7h30 stoungen mir beim Fändel fir den Carré. Do goufen mir gewuer dass mir haut op ,Nassfeld' fueren gëifen. No den Explikatioun gouf ét Kaffi an sinn dono schnell an Autoen gesprongen. Op der Pist ukomm, sinn mir ènnert engem Schloreen/Schnèi gefuer bis ongefèier 13h. Fir Mëttespaus gouf ét ewèi èmmer Schmieren an duerno e klengen Snack. Nom Mëtteslessen sinn mir dann wieder gefuer an deem wiirklech nët super Wieder bis +/- 16h, an hun dono an deem naassen Schnèigestöber eist Material gelueden, schnell an Autoen geklommen an sinn zerèck an Techuana gefuer, fir an waarm an dréchen Kleeder ze kommen. Du kruuten mir dann och genee daat richtegt, e gudden waarmen/schaarfen Chillllliiii amt Tortillas&Räis. Duerno goufen nach Chargen gemaach, bëssi zesummen gespillt an dun sinn mer och gläich an d'Bett gaangen.

**HATTY alias HARRY**

**Mëttwoch** Mir sinn um7:00 opgestaanen an hun um 7:30 Carré gemaach an sinn dono eppes iessen gaangen. Nom lessen sin sèier Chargen gemaach ginn an du nass ét schons lass gaangen op ,Turracher Höhe'. No ongefèier 1 Stonn Fahrt sinn mer dann ukomm an hun eis prett gemaach fir op Piste. Gèint 13:00 sinn mer zerèck bei Autoen gefuer fir ze iessen, mee dun hun mir eis lesskësch vergiess. Dowèinst hun mir eis Kachekipp ugeruff an sie hun eis dann eis lesskësch bruecht. Nom lessen sinn mer erém op Piste gaangen. Fir 16:00 hun mir eis op enger Hütt getraff an hun eppes gedronk oder een Kaiserschmarrn giess. Den Max huet ét nët esou mat deem Sèissen an huet sëch einfach mol een klengen T-Bone Steak bestallt fir zwëschenduerch als Stärkung : dono sinn mer bei Autoen erofgefuer, hun eis ausgedoën an alles verlueden an sinn an Schwämm op Bad Kleinkirchheim an d'Schwämm gefuer, wou een dun an Schwämm/Sauna konnt goën. Nodeem sinn mir dann zerèck gefuer an hun als Oweslessen ,Wäinzoossis mat Moschterzooss' giess. Fir 23:00 ass dann baal jiddfereen schllofen gaang.

**KERRY alias KETTY**

# RAPPORT Techuana W

Groupe

## Donneschdeg

Moies sinn mir erëm um 7:00 Auer opgestaanen an hunn eis Skikleeder ugedoën. Nodeems mer um 7:30 de Carré gemaach haaten an dono och giess haaten, hun mer alles angepaack an hun eis op den Wee fir an d'Skigebitt 'Innerkrems' gemaach. No 45 Min. Fahrt waren mer ukomm. Dun hun mer nach schnell alles ausgeräumt an sinn schon lass gefuer. Ech war némmen mam Ketty, Max, Sam, Alekxis ännerwee an mir hun eis bis 13:00 gudd amüsèiert. No der Mëttestonn sinn mir dann nach zu 4 weidergefuer(ouni Max, dien mëttes mat den Border gefuer ass). Um 16:15 wollten mer eis an sëch an der Mëtt vum Bierg op enger Hütt all zesummen treffen fir een Schoki/Almdudler ze drënken, an mir worn zur Zäit beim Lift, mee dësen haat een techneschen Deffet an huet keen mèi eropbefördert. Dowèinst hun mer deenen aaneren bescheed gesoot an hun eis ännen um Parking bei den Autoen getraff, hun eis Skimaterial ausgedoën an sinn dun gemiddlech an d'Hütt 'Einkehr' eppes drënken gaangen. Nodeems mer gudd eppes gedronk haaten, hunn mer alles verstaut an sinn zerëck an Techuana gefuer. Do hun mer dann als Oofschloss vum Daag eng Këisfondue giess. Géint 23:00 sinn mer dann an d'Bettchen gaangen.

**CHAREL S.**

## Freides

Um halwer 8 stoungen mer all am Carré an mir kruuten dun gesoot dass mer op Gerlzen fueren. Dann hun mer Kaffi gedronk, hun ons Schon angepaack an dann sinn mer lassgefuer. Dohannen ukomm hun mer all d'Ski ausgepaack, hun ons ugedoën an dann ass jiddereen an sëngen Gruppen fortgefuer. Den moien hatt jiddereen vill Spaass an deen een oder aaneren wor och schon mèi schnell ännerwee. Fir Mëtteg hun mer ons all op der Hütt getraff, wou mer och gudd traditionell giess haaten. Daat war géint 13Auer. Dann sinn mer nach fir e puer Stonnen gefuer fir den letzten Daag, bis mer eis dann um halwer 4 bei der Bom getraff hun fir een letzten gudden waarmen Schoki (mat frëscher Almmilch)ze drënken. Dono sinn mer bei Autoen gefuer, hun eis aaneschters ungedoën an worn géint 5Auer bei der Schwämm, dës kèier zu



# RAPPORT Techuana W


Groupe

Villach ukomm. Do hun mer eis dann och all gudd amüsèiert, well aaneschter zu B.K.K. sinn hei puer Attraktiouen(Rutschen,Waasserstrudel...). Géint 19:30 wor dann och schon nees RV an der Reception an mir hun eis op den Heemwee Richtung Techuana gemeet. Rém an Techuana ukomm, hun mer ons Valissen gepaack, Unhänger an Autoen gepaack, eng gudd Spaghetti giess an dono goung ét dann och schnell an d'Bett, well muer den moien ass ét nees frèi aus den Fiederden gaang.

## Samstes

Mir sinn wèi schon um ALLER um 5Auer opgestaanen, d'Chauffören hun nach eng Taass Kaffi gedronk an mer hun nach den Rescht Krimskrams verstaут an sinn lassgefuer. No bëssen fueren hun mer eis bei Salzbuerg getrennt, do sinn den Grizzly&Maki nach eppes sichengefuer an mir sinn wieder Richtung Home LBB gefuer. No enger Zaitchen hun mer dann e puer Mëttchen giess an sinn dann nees virun gefuer bis Mëtteg, wou mer dann och eng grouss Paus gemeet hun. Dono sinn mer nüt mèi alt ze laang weidergefuer an mir stoungen am Stau (eieiei 10km = 1 Stonn) do haat sèch eng Camionette gedräint an huet fir ordendlechen Rèckstau gesuergt 9 Nom Stau ass ét awer nees gudd virun gaang. Wou mer bis iwver Granz worn, hun mer den Chouchou nach zu Fluesweiler erausgelooss an sinn dann riicht wieder gefuer bei eist Home. Hei hun mer dann alles ausgelueden an schon deelweis gebotzt an geraumt. Paralell haaten mer eis Pizza bestallt fir deen letzten owend nach emol énnert eis zesummen ausklèngen ze loossen, an sinn och dun kuerz virun Mëtternuecht een Stack mèi hèisch am Dortoir verschwommen...

**MAX**



# RAPPORT Techuana W

Groupe

**Sonndes** Haut konnten mer mol nees e puer Stonnen mèi laang schloofen an sinn esou um 8Auer opgestaanen fir nach eng letzten kèier zesummen um 8:30Auer Kaffi ze drènken. Bei dësem hun mer dann och den Camp nach emol revue passèieren gelooss an ét sinn dèi eng oder aaner Geschicht/Anekdot verzielt ginn... Nom Kaffi hun mer eis opgedeelt fir dèi restlech Saachen ze spullen an eben propper ewech ze raumen, Autoen & Home sinn gebotzt ginn, ier mer dann um 11Auer RV mat eisen Elteren haaten dèi hier Kënnercher oofgeholl hun, fir doheem um Sonndesdësch (Familientag) ze verwinnen an och dèi eng oder aaner Aventure verzielt ze krèien. Nach eng Mini Châine-des-adieux, an TECHUANA 2015 wor gelaaf 9

**TAMIA**



## ët schèngt spéciale

ët schèngt

- 01) dat mer Mëttwochs schon liicht aus dem Rythmus worn an lesskëscht am Home stoën gelooss hun.
- 02) dat den Nékkel d'Knèien wèi haat an dofir mam Grizzly sèngem Mörder RadoSalil-Stick gespilt huet.
- 03) wèi wann nees een mat dobai wor deen sèng 18Joér mat eis an Techuana wollt feieren (alias Sam'i)
- 04) wèi wann ét nach émmer keng genial Idee ass sèng Zännbiisch hadden an Boxentäsch ze stiechen.
- 05) wèi wann mer neierdèngs eng Prinzessin an Techuana mat dobai hätten>pink Schong,pink Ski,pink...
- 06) dat sou munchen een e Stand am Schnèi gemeet huet, awer den Sam den Bock oofgeschoss huet.
- 07) wèi wann ons Méindes beim Bierg eröffueren een liicht nervösen Chauffeur entgëint gefuer koum.
- 08) wèi wann Statistiken vun den Verletzungen an den Skivakanzen eis leider nees Recht ginn hun.
- 09) dat ét heescht alle Jahre wieder, sou sinn de Grizzly,Nékkel&Tamia an Tal des Todes II Déifschnèi gefuer.
- 10) wèi wann een vum Techuana-Team vergiess haat virum Wanter Antigel an d'Toiletten ze schédden.
- 11) dat Techuana dës Joér sain 50.Gebuertsdaag gefeiert huet an eng flott Broschür erausbruecht huet.

## ët schèngt nüt némme

ët schèngt nüt némme

- 01) wèi wann eis d'Paco & d'KachEkipp dèi ganz liebenswürdeg laanschtbruecht hun op Turracher Höhe.
- 02) wèi wann d'Knèikaulen dono wèi Hölle gebrannt hun, an naass Dicher gemeet goufen fir ze killen.
- 03) dat mir him puer Iwwerraschungen gema hun an hien énner aanerem huet missen als Mupp op d'Pist.
- 04) dat dës an d'Toilet kèint faalen, an een drop pulleren kèint...mir nennen keng Nimm, gell du Paco :
- 05) dat dës extra op Villach geschèckt goufen fir dat sé Schnéifest & Prett sinn fir Méindes an den Asaatz.
- 06) dat sain Helm elo 2 ordendlech Tèitschen hätt an fir d'nächst Saison ét wuel en Neien muss ginn.
- 07) dat hien partout keng Plaatz wollt maan fir eis laanschtzelooessen, an als Excuse haat ,Ech hu keng Zäit'
- 08) dat Paco séch dorunner gehaalen huet an eben Mëttwochs-mëttes op der TurracherHöhe verletzt huet.
- 09) wèi wann dëst genee sou spektakulär wor wèi virun Joren, an sie baal nüt mèi erauskoumen aus dem Bësch.
- 10) dat nom Versuch mat waarmem Waasser sé fräi ze krèien / sé ze entäisen 1 vun 2 futti wor
- 11) wèi wann daat irgendwèi passt mat den LionsBleus an Techuana an mir sinn duebel sou aal :)

## Rapport Fuescamp LX

06/02/16

D'Wöllef vun de Lions Bleus, vun de Fiiss a vun de Panthères Noires hunn sech um 14:00 op der Gare Centrale getraff, wou da jiddereen säi Rucksak ofginn huet. Dann hu mer all zesummen ee Great Howl gemat, an hunn de Bus Richtung Bouillon geholl. Vun do aus si mer ze fous bäi d'Home vun den Aigles an de Rollenger Grond geträppelt. Do ukomm, huet mol fiert éischt jiddereen sech installéiert, ier mer dunn een Jeopardy iwwert déi verschidde Länner gemach hunn an déi mer spéider gereest sinn. Hei konnten d'Wöllef hiert wëssen testen. Nom Quiz, si mer all zesummen mam Fliger an Italien gereest, ier et dunn Owes eng gutt Spaghetti Carbonara z'iesse gouf. Nom Iessen, huet all Grupp seng Charge gemach an mir hunn eis prett gemat fir d'Nuetsspill, eng Partie Cluedo. Nodeems du gekläert war dat de Luigi de Kach, de Pilot éembruecht huet, hu mer nach eis Zänn gewäsch a sinn du schlofe gaangen.

07/02/16

Den nächste Moien waren d'Jonge schonn alleguereten géint hallwer 7 hellwaakreg, wisou se dann och konnten e schéinen, ausgedehnte Frühsport machen. Um hallwer 9 hu mer dunn gemittlech Kaffi gedronk, fir dann no de Chargen eng Bastel ze machen; all Wöllefchen konnt sech een Asiateschen Hutt an ee Lampion bastelen, déi dunn och herno mat heem gaange sinn. Du si mer rëm alleguereten an de Fliger geklommen Richtung Amerika. Hai hu mer e puer Spiller gemat, ier et dann eragaangen ass, fir lecker Hamburger z'issen. Mëttes géint 14:00, wou mer fäerdegen waren mam Iessen a mat de Chargen, hu mir eis dunn op de Wee gemat an den Naturmusée. Do ukomm, hu mer eis eng flott Ausstellung ugekuckt, an et goufen allerlee Atelieren déi ee konnt machen. Géint 17:30 ware mer nees am Home, an hunn do de Fliger a Richtung Asien geholl. All Grupp huet du missen ee Sketch am Thema üben, vir deen dann Owes virzeféieren. Owes gouf et Räis mat Poulet a Geméis z'issen. No de Chargen, huet dunn den Asiateschen Owend ugefaangen, wou all d'Gruppen a verschidde Spiller misste géinteneen untrieden; zur Ofwiesslung huet téschent all Spill ee Grupp säi Sketch virgestallt. Als I-tüpfelchen zu dem schéinen Owend hu mer och nach ee leckeren Dessert gieß; Hunnegbanannen no asiateschem Rezept. Dunn hu mer eis nach eng Geschicht erzielt a si Schlofe gaangen.

08/02/16

Um 08:00 si mer opgestanen, vir dann um hallwer 9 z'issen. Vue datt et dobaussen zimlech stiermesch war, si mir moies dobanne bliwwen. D'Wöllef hunn hir Saachen zesummegepaakt, a spéider och flaißech gehollef mat botzen. Duerno huet all Scoutsgrupp sech zesummenzedinn, fir ee flotte Fändel ze molen, als Erënnerung un de Camp. Mëttes hu mer Reschter gieß vun den Deeg virdrun, an e puer Schmieren mat Ham a Kéis. Nom Iessen, si mer erausgaangen, fir do nach e puer Spiller ze machen. Als Ofschloss, hu mer ee Meckerkrees gemat; dat heescht jiddereen misst soen wat e gutt fonnt huet um Camp an wat vläicht net esou gutt. Du krut all Mënsch nach en Apel an e Kichelchen. Schlussendlech hu mer eis mat Sack und Pack op de Wee gemat bäi den CHL, wou d'Eltere scho sehnsüchtech gewaart hunn.

# Rapport Fuescamp

Wölfe



# Versammlung

Beaver & Wöllef

Interbranchenversammlung Beaver & Wöllefcher zusammen während enger flotter Versammlung op der Spillplaatz



# SORTIE Panzerknacker Wöllefcher(LX)

D'Wöllef hun dem Dagobert Duck gehollef seng Goldnuggets erëm ze eroberen. Dofir missten Sie verschidden Aufgaaben lèisen, dìe së mat Bravur bestaanen hun.



# Rapport Sortie SG

SCOUTEN



&



=



# RAPPORT Sortie BV

## am Park zu Merl



Eng flott Sortie haaten d'Beaver um Samsten, dem 12. März 2016 am Merler Park.

Zesummen mam groussen Beaver Bibu hun sie d'Beaverwerter an Devise unhand vun flotten Spiller an Aktivitèiten gelèiert.

Sierf ét e flotten Danz am Thema Freed oder e Spill fir hieren Flaiss ze beweisen.



D'Beaver hun alles super gemeeschert.

Oofgeschloss gouf den Daach mam Fidderen vun den Inten am Park, wou een Beaver den Inten en bessen ze no wollt kommen an soumadder den Pullover liicht naas kruut.



# RAPPORT Roverquiz bei den Mamer Wiselen

D'Mamer Wiselen hunn ons den 19 Mäerz op den traditionelle Roverquiz invitíert. Dëst ass en Quizowend deen eng Kéier am Joer èmmer ofwiesselnd vu verschiddene Gruppen am Land fir déi verschidde Roverclanen organiséiert gëtt. Dëst Joer huet sech alles ronderëm Théma Movies Moments and more ofgespillt. Dozou war natierlech all Clan passend gekleet a Lions Bleus waren als Charlie Chaplin's énnerwee. No enger gudden Bouché krute mer en excellente Popcorn servéiert a schonn ass et lass gaang mam Quiz ! Mer hunn eist Bescht ginn an deene verschiddene Froen a Spiller ronn em verschidde Filmtheme vun Liebesfilmer bis hin zu Science Fiction an hunn eis schlussendlech eng gutt 4ten Plaatz erkämpft. Dëst war, wann ee bedenkt dass mer just zu 6 waren, mol guer net sou schlecht. Op jidder Fall war et en gelungen Owend bei de Mamer Wiselen a mer freeën eis schonn op nächst Joer (mat hoffentlech enger Podiumsplaz) bei de Gréngé Scoute vun Diddeleng an de Stengeforter Deckelsmouken.





# Dem LEO LEiF seng Sait


Leo Léiw

Moien Blo Léiwen!

Dës Kéier hun ech eppes ganz scouteches dobai!  
 Probeier dain eegene Foulardsknuet ze  
 maachen! alles waatsdu brauchs ass 1,5 m  
 Liederschnouer oder en Steck Waeschlenkt!  
 Wanns du een färdeg hues, dann weis en denge  
 Cheffen an du kriss een aus dem SHOP!



Hand  
drehen



2-fach der ersten  
Windung "folgen"



# Shop Lions Bleus

LBB-Shop

Séchert Ierch elo den


## Starter-Pack\_Lions Bleus

### De Präiss schléit an !!!

Alles waats du brauchs vir e gudden Lions Bleus ze sinn ass hei dran! An daat ganzt an enger spezieller Offer elo némmen an dem LBB-Shop vum Vertrauen.



LBB-Pullover



Eenzelprijs

25 €



LBB-T-Shirt



Eenzelprijs

12 €



LBB-100-Becher



Eenzelprijs

16 €



LBB-Kaap



Eenzelprijs


12 €

**TOTAL**

~~65 €~~

ELO NÉMMEN NACH VİR

**55 €**



#### Aaner Produkt'en am LBB-Shop:

LBB-Mutz	12 €
Foulard	5 €
Knuet	3 €
Vademecum (Wöllef)	10 €
Scoutsbichelchen	10 €
De Jaizert	10 €
LBB-Badge	4 €
<b>an nach VILLES vun 100 Joér LBB</b> (T-shirten/Débardeur/Badge...)	

> WÉINI ass den BUTTIK op ??? > vun 15:45-16:15 > **23/04/16, 28/05/16, 18/06/16...**

# Lions Bleus NEWS

## Lions Bleus News



### BATAVIA - BaackAktion

Am Numm vun der ganzer  
Batavia - Summer CampEkipp,  
soën mir Ierch e groussen MERCI  
fir är Ënnerstëtzung :):):)



### !!! OPRUFF !!!

Denk drun **Photoen** eranzeginn  
(egal op aal oder nei) fir dat mer e flotten  
LionsBleus-Photoarchive kënnen opbauen.  
Schéckt dës ganz einfach **op**  
**(foto@lionsbleus.lu)**

### POSTKAARTEN fir LBB

Fiirs du demnächst an Vakanz...  
an wëlls den Lions Bleus gär eng flott Postkaart  
schècken?  
Dann zèck nüt laang an schèck së op:  
**Les Lions Bleus BP1026 L-1010 Luxembourg**  
Mir gëifen eis jidderfalls freen an së an der  
nächster Wandrous publizéieren.

Also e Grond mèi fir eng Vakanz :):):)



# WOSM & fnel NEWS

## WOSM&fnel News



FNEL SCOUTS-SHOP

Nouv.Adresse:  
61A, rue de Trèves  
L-2630 Cents  
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

**17:00 - 19:00**

Den ScoutsShop ass émmer  
**Donneschdes** op, ausser  
während den Schoulvakanznen!!!

### ALLGEMENG Datumer:

16-17/04/2016	LX Sixplo	19/06/2016	Fest vun der Natur(Kockelscheier)
16-17/04/2016	SG CP/SP Weekend	22/06/2016	Faackelzuch
26/04/2016	Soirée CG	30/06/2016	Federal'it
30/04/2016	RO Hunt 'it	02/07/2016	RO Volleyball (WS)
28/05/2016	BV Funday	10/07/2016	Pow-Wow (GS)
10/06/2016	FNEL Charity Dîner	16/07-06/08/16	Nepal-Camp
15/06/2016	CoGro	15/09/2016	Assemblée générale

# Virstellung Comité 2016 Comité 2016

De Comité vun de Lions Bleus, Joer 2016, stellt sech vir...

Léif Elteren,

Dëst sin di e bësse mi eeler an routinéiert Leit an eisem Groupe. D'Lions Bleus bestinn net némmen aus Beaver, Wöllef, Scouter, Explorer Rover an Cheffen. Dee ganzen administrativen Volet an de finanziellen Volet gëtt vun engem Groupe vu Leit géréiert, déi sech Comité nennen. Dëst ass net nemmen wichteg op rechtlecher Basis, mee och organisatoresch. Zousätzlech dozou gehéiert zu hiren Chargen den LBB-Shop ze verwalten, ze kucken dass d'Home propper ass, an och ze garantéieren dass d'Wandrous zur Zait erauskënnt. Dëst ass némmen en Deel vun de Chargen, déi dëse Groupe verwalt. Si genéissen daat vollt Vertrauen vun de Cheffen an vum ganze Groupe. Zéckt net fir di verschidden Léit ze kontaktéieren wann Dir Froën hudd oder zousätzlech Informationen braucht. Et wier fäin wann dier lech virdrun géift umelden.



Vu lenks no riets: Kodiak, Mouette, Anoa, Crotale, Eyra, Paco, Emys. Et feelen: Atra, Tameng, Olivier

## Comité

Numm:	GSM:	E-Mail:	Gebuer:	Fonction:
Moyano Guy (Crotale)	691 857 486	crotale@lionsbleus.lu	13/08/1952	President
Lex Schmitt (Atra)	661 365 188	lex.schmitt90@gmail.com	19/09/1990	Vice-Pres./Rep. Groupe
Shelly Resl (Anoa)	691 466 552	shellyresl@hotmail.com	15/06/1982	Secrétaire
Paul Federmeyer (Eyra)	621 179 232	federmeyer@pt.lu	09/11/1954	Trésorier
Danielle Majerus (Paco)	691 790 238	pacogrizzly@hotmail.com	07/03/1973	Gérance Listing Groupe
Martine Moecher (Emys)	621 148 940	mmoecher82@yahoo.de	18/02/1982	Gérance Shop LBB
Christophe Lampach (Kodiak)	691 505 057	kodiak@vo.lu	17/11/1980	Gérance Site Internet
Joël Fischer (Tameng)	691 790 239	tameng@lionsbleus.lu	18/08/1983	Gérance Terrain/Home
Mike Kremer (Maki)	661 721 112	mike.kremer@cargolux.lu	12/11/1972	Gérance Home LBB
Sandra Schiumarini (Mouette)	691 101 179	burundese@yahoo.com	19/08/1981	Relations Publiques
Lamesch Olivier	691 250 231	oililamesch@me.com	01/04/1976	Location Home LBB

## Konto

Les Lions Bleus a.s.b.l.  
CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000

Allgemeng E-Mail:  
[comite@lionsbleus.lu](mailto:comite@lionsbleus.lu)

# **et schéngt**

**et schéngt**

- 01) dat d'Préparationen fir den Summercamp gudd gëifen laafen, zeguer och an Punkto Lèift
- 02) wèi wann no 2Joér laangem Waarden & Préparationen den Totem100LBB endlech gëif stoën
- 03) daten d'Beaver hierem Instinkt nogaangen sinn an een Damm bauen wollten
- 04) wèi wann Troupe vun den Lions Bleus an der Hoga eng Sortie an ,Irland' Ufank März gehaat hätten.
- 05) dat an der FNEL-CoDir totemisèert gouf, an puer Lèit ab elo mat aaneren Nimm ugeschwaat ginn.
- 06) dat den Paradiesvillchen beim Autodrèinen beim Home sou festgefuer wor dat en nüt mèi raus koum
- 07) wèi wann den nächsten Camp fédéral 2017 wärt sinn an an engem Ëmkrees von 600km stattfannen
- 08) wèi wann eisen Sam'i' Ufank März seng laang erwaarten 18Joér kruut an och gudd gefeiert hätt.
- 09) dat eis dësjähreg BaackAktion fir eisen SummerCamp nees een vollen Erfolleg war.
- 10) dat'en Beaver an Wöllef eng flott Interbranchen Aktivitéit Enn Februar zesummen gehaat hätten.
- 11) wèi wann d'Chef&Comité eng Premiere gefeiert hätten 2016 an sèch sou besser kennengelèiert hun.
- 12) wèi wann den TicTac säin Kleederschaaf opgemotzt hätt an sèch heifir nei Kostümer beschaافت huet.
- 13) dat d'Wöllef op eiser Sortie um Baurenhaft dèi frësch Mellech vun der Kou mat Genoss gedronk hun.
- 14) wèi wann den Dagobert Duck mat der Höllef vun den Wöllefcher all seng Goldnuggets erëm kruut.
- 15) wèi wann den Bagheera bei enger Übung an der Versammlung schwaachgefall (Simulation) wier
- 16) dat'en d'Lions Bleus sèch um dësjähregen Movie Rover Quiz vun den MW gudd geschloën hun.
- 17) wei wann een um Roverquiz ellen Gaz huet missen ginn fir schnellstens Schlagsahn ze klappen.
- 18) dat dèi blo Lèiwen och dëst Joér nees mat dobai sinn um ,Lost in the darkness' vun den MW & PI.
- 19) dat d'Cheffenekipp d'Thema & Destination vum Lèiwenfest 2016 elo schon festgeluecht huet.

# **et schéngt nüt nemmen**

**et schéngt nüt nemmen**

- 01) wèi wann eisen Härr Gruppenchef sou och sain Härz un een MamerWiselchen verluer hätt
- 02) dat de groussen Sall am Home nüt hèisch genuch wär fir 100 Scheiwen hèisch können ze staapelen
- 03) wèi wann sie dobai alles ginn hun an sèch d'Fell beim Versuch naass gemaach hun
- 04) dat dës sou richteg am schèinen Wieder wor an sie just een Bësselchen dreckeg dono worn :
- 05) wèi wann lo 3 nei Nimm am Ëmlaaf wieren wèi > Nathalie=Argali, Tom G.=Caracal & Djuna=Galah
- 06) wèi wann den Tameng schon heemgefuer wor an extra zerëck komm ass fir hien erauszezéihen
- 07) dat heifir och schon erfuere Lèit un der Organisation drun sinn: Änder,Maki,Baribal,Kodiak,Argali
- 08) dat eisen ACT dofir awer zwee Uleef gebraucht huet fir de rosa Schäin an sèngen Hänn ze haalen.
- 09) wèi wann honnerten vun lecker schmaachenden Fuesdbullen iwwer d'Thèik gaangen wieren
- 10) wèi wann dës Versammlung komplett op Spontanitéit opgebaut wor.
- 11) dat Sie allegueren zesummen e flotten Intergremiumsowend mateneen verbruecht hun.
- 12) dat dës sou direkt zum Assaatz koumen als Pirat an der Versammlung & als Beaver op der Sortie.
- 13) wèi wann d'Kou ab elo direkt hiert absolut Lieblingsdèier wier.
- 14) dat sie him domat weider gehollef haaten an soumat vun him belount goufen mat Schokolats-Eer.
- 15) dat'en eis Wöllefcher bei dëser Übung gudd reageiert hätten an alles richteg gemaach hun.
- 16) wèi wann eis Ekipp Chaplinnen eng wonnerbar wuelverdingten 4.Plaatz gemaach hätten.
- 17) dat dono vill Gruppen hier Frisur am A....wor well sie eppes waisses an den Hoer hänken haaten.
- 18) wèi wann deenen jonke Chef Geschichten vum letzte Joér gefall hun an sie och lo mat wëllen maan.
- 19) wèi wann eis Rees dëst Joér an een aaneren exotëschen Kontinent geet an zwar: A F R I K A ...

# **les amis des Lions Bleus**

**amis LBB**

Meyer Arlette, Majerus Tina, Thull Kyu, Mme Fay-Bisdorf, Famille Kremer-Braun, Sinner Robert, Anonyme, Majerus Patrick, Famille Schaack-Hirsch Albert, Famille Jung-Thomas, Tunsch Gerard, Sieradzki Peggy, Federmeyer Berthe, Grün Joe, Rohmer Kevin, Heinen Gerard, Famille Reiners, Thibo Charles, Schintgen Claude, Famille Mchale Evelyne-Drennan, Bauler Fränk, Goebbels Joanne ...


# 3 Méintprogramm

# 3 Méintprogramm

abrëll'16		mee'16		juni'16	
Fr 1	EX Camp	Sa 1		Më 1	Permanence
Sa 2	EX Camp	Me 2		Do 2	
Sö 3	EX Camp	Dë 3		Fr 3	
Me 4		Më 4	Permanence	Sa 4	Beaver / Wöllef / Troupe / Explorer
Dë 5		Do 5		Sö 5	
Më 6		Fr 6		Me 6	
Do 7		Sa 7	Beaver / Wöllef / Troupe / Explorer	Dë 7	
Fr 8	BV Camp	Sö 8		Më 8	Permanence
Sa 9	BV Camp LX Weekend	Me 9		Do 9	
Sö 10	BV Camp LX Weekend	Dë 10		Fr 10	
Me 11		Më 11	Permanence	Sa 11	Beaver / Wöllef / Troupe / Explorer
Dë 12		Do 12	Comité	Sö 12	
Më 13	Permanence	Fr 13		Me 13	
Do 14		Sa 14	P-CAMP fir LX/SG/EX/RO	Dë 14	
Fr 15		Sö 15	P-CAMP fir LX/SG/EX/RO	Më 15	Permanence
Sa 16	Beaver / Troupe / Explorer FNEL LX Sixplo & CP Weekend	Me 16	P-CAMP fir LX/SG/EX/RO	Do 16	Comité
Sö 17	FNEL LX Sixplo & CP Weekend	Dë 17	P-CAMP fir LX/SG/EX/RO	Fr 17	
Me 18		Më 18		Sa 18	Beaver / Patrull / Explorer
Dë 19		Do 19		Sö 19	LX Sortie
Më 20	Permanence	Fr 20	Wandrouseinsendeschluss	Me 20	
Do 21	Comité	Sa 21	P-WEEKEND fir BV	Dë 21	
Fr 22	FNEL EX Raid	Sö 22	P-WEEKEND fir BV	Më 22	FAACKELZUCH
Sa 23	Beaver / Wöllef / Patrull FNEL EX Raid	Me 23		Do 23	LBB Grillstand (Metzler Kaiffer)
Sö 24	FNEL EX Raid	Dë 24		Fr 24	
Me 25		Më 25	Permanence	Sa 25	Beaver / Wöllef / Troupe / Unitéit
Dë 26		Do 26		Sö 26	
Më 27	Permanence	Fr 27	Wandrousredaktionsschluss	Me 27	
Do 28		Sa 28	Wöllef / Patrull / Unitéit FNEL BV Funday	Dë 28	
Fr 29		Sö 29		Më 29	Permanence
Sa 30	Beaver / Wöllef / Troupe / Unitéit FNEL RO Hunt'it	Me 30		Do 30	
		Dë 31			


# Allerläscht Wandrous - Säit

[www.lionsbleus.lu](http://www.lionsbleus.lu)



fnel  
scouts & guides

Ech hun d'Wandrous schon  
geliess, an du?



\* THAT'S ALL FOLKS